

BILAN 2017 – 2023

100% Engagéiert fir d’Gemeng Jonglënster.

Eise Bilan, Är Garantie



Engagé à 100% pour la commune de Junglinster.
Notre bilan, votre garantie.

VERSÃO EM PORTUGUÊS
ENGLISH VERSION



JONGLËNSTER



LÉIF BIERGERINNEN A BIERGER

Während de leschten 18 Joer waren d'CSV-Vertrieder entscheedend dru bedeelegt fir eis Gemeng **méi** no vir ze bréngen. An de leschte 6 Joer si ganz wichteg Projeten op d'Schinn gesat ginn, déi virun allem eise Kanner an der Jugend ze gutt kommen. All dës Projeten, déi Dir hei hannendrun entdecke kënnt, gi gemaach fir deem groussen Wuesstem vun eiser Gemeng gerecht ze ginn. Mir soen op dëser Plaz eisem Koalitionspartner **Merci** fir déi gutt a kollegial Zesummenaarbecht an dëser Zäit

D'Eltere brauche Strukture fir hir Kanner, sief dat a Form vu Schoulen, Crèchen, Maisons Relaisen oder a Form vu Musekschoul oder Sportsanlagen. Dës komplett Offer erméiglecht et jidderengem sech voll ze entfalten a seng Bedürfnisser ze erfëllen.

Eis **Veräiner** hunn déi néideg Infrastrukturen (Veräinslokaler, Sportshalen an Terrainen, ...) zur Verfügung gestallt kritt, well et si si, déi sech an der Fräizäit ëm déi Jugendlech këmmen, an dës betreien. Hir wichteg Roll an der Gesellschaft a fir d'Zesummeliewe vun eis all hu mir dofir verstärkt gewierdegt.

Fir eiser **Ëmwelt** deen néidege Stellewäert ze ginn, hu mir de Naturpakt ofgeschloss, a schaffen enk mam SIAS zesumme fir d'Biodiversitéit an eiser eemoleger Heckelandschaft ze erhalen. All dat kënnt den Déieren an dem Aarteschutz ze gutt.



Romain REITZ
Buergermeeschter



Raphaël SCHMITZ
Schäffen



Françoise HETTO-GAASCH
Schäffe bis Dez. 2021



Jean BODEN
Gemengerot



Tom WEBER
Gemengerot



Philippe TRIERWEILER
Gemengerot

De Schutz vun eisen eegene Waasserquellen, en Haaptzil vun der CSV, ass an der finaler Phase a kann an deenen nächste Joren ausgeféiert ginn.

Mir soen Iech, léif Matbierger, **Merci** fir dat Vertrauen, dat Dir an eis gesat hutt an d'Resultat léist sech weisen. Bal alles, wat mir eis am Koalitiounsprogramm virgeholl hunn, konnt emgesat ginn, respektiv ass amgaang realiséiert ze ginn. Dat konnt natierlech nëmmen geléngen duerch den **100%tigen Asaz**, dee mir Iech versprach hunn an dee mir fir Iech weiderféiere wäerten.

Chères concitoyennes,
chers concitoyens,

Ces 18 dernières années, les représentants du CSV ont été impliqués de manière décisive à faire **avancer** notre commune. Au cours de la dernière législature, des projets très importants ont été mis en oeuvre, profitant surtout à notre jeunesse et à nos enfants. Tous ces projets, que vous pourrez découvrir dans notre Bilan ont été réalisés en tenant compte de la croissance importante de notre commune. Nous **remercions** ici notre partenaire de coalition pour la bonne collaboration collégiale au cours de cette période.

Les **parents** ont besoin de structures pour leurs enfants, que ce soit sous la forme d'écoles, de crèches, de Maison Relais,

d'une école de musique ou d'installations sportives. Cette offre complète permet à chacun de s'épanouir pleinement et de répondre à tous ses besoins.

Nos **associations et clubs** ont obtenu des infrastructures nécessaires (halls et terrains sportifs), car ce sont aussi eux qui s'occupent de nos jeunes et qui les encadrent. Nous avons ainsi spécialement honoré le rôle important qu'ils ont dans la commune et le vivre ensemble de nous tous.

Pour donner à notre **environnement** toute sa place, nous avons signé le pacte nature et travaillons étroitement avec le SIAS (Syndicat intercommunal à vocation multiple) pour conserver la biodiversité dans notre paysage bocager exceptionnel. Cela profite aux animaux et à la protection des espèces en général. La protection de nos sources d'eau potable, un des objectifs principaux du CSV en cette matière, se trouve en phase finale et pourra être exécutée dans les prochaines années.

Nous vous **remercions** chères concitoyennes et concitoyens pour la confiance que vous nous avez apportée et témoignée. La majorité des objectifs que nous nous étions fixés dans l'accord de coalition ont été atteints. Ceci a uniquement été possible grâce à notre **engagement à 100%** que nous vous avons promis et que nous allons continuer à mener.

NEI PLAZE FIR ZESUMMEN ZE SINN

Zu Jonglënster huet d’Gemeng d’Haus mat den Annexen nieft der Kierch kaaft. De **Park ①** op dësem Terrain vu bal 1 ha gëtt duerno fir d’Bevëlkerung zougänglech gemaach. **D’Esplanade ②** laanscht d’Schwaarz Iernz zu Jonglënster ass fäerdeg gestallt ginn an dës ass renaturéiert ginn – duerch déi nei Foussgängerbréck gëtt deen neie Quartier JongMëtt mat der rue Hiehl verbonnen.

Fir eis ass et wichteg, dass an all Uertschaft Plazen entstinn, wou d’Leit aus dem Duerf an d’Veräiner aus der ganzer Gemeng sech kënne versammelen. An dëser Legislaturperiode sinn nei Veräinslokaler zu **Allënster ③** an zu **Eeschler** gebaut ginn.

De Park zu **Eesebuer** hannert dem Schloss gëtt amenagéiert, an hei wäert an Zukunft och kënne ee Veräinslokal an der **Kapell ④**, déi d’Gemeng fir ee symboleschen Euro kaaft huet, ageriicht ginn.

Zu Eeschler ass ënnert de Beem bei der Kierch eng nei **Boulepist** entstanen.

De **Club Senior** “an der Loupescht” huet seng Aktivitéiten an der aler Schoul zu **Beidler** ugefaangen.

Duerch de Kaf vum alen Haus “Parmentier” konnte mir sécherstellen, dass hei e **Restaurant** bleift. Zesumme mam Restaurant am **Lanius-Gebai**, wou d’Lokal och der

Gemeng gehéiert, ass esou d’Offer Restaurants am Zentrum vergréissert ginn.

De **Pakt vum Zesummeliwwen** ass ënnerschriwwen ginn a gëtt elo vun der Gemeng ëmgesat.



DE NOUVEAUX LIEUX DE RENCONTRE

La commune a acheté la maison avec ses annexes située à côté de l'église de Junglinster. Le **parc** ❶ situé sur cette parcelle de près d'un hectare sera ouvert au public.

À Junglinster, l'**esplanade** ❷ le long de l'Ernz noire a été achevée. La rivière a été renaturée à cet endroit et la nouvelle passerelle piétonne reliera le nouveau quartier JongMëtt à la rue Hiehl.

Nous pensons qu'il est important de créer dans chaque village des lieux où les habitants et les clubs de la commune peuvent se réunir. Au cours de cette législature, de nouveaux locaux pour les clubs ont été construits à **Altlinster** ❸ et à **Eschweiler**.

Le parc derrière le château d'**Eisenborn** est en train d'être réaménagé et il est prévu que la **chapelle** ❹ acquise par la commune pour un euro symbolique, soit transformée en local pour associations.

À Eschweiler, un nouveau **terrain de pétanque** a été aménagé sous les arbres près de l'église.

Le **Club senior** „an der Loupescht“ a commencé ses activités dans l'ancienne école de Beidweiler.

Grâce à l'acquisition de l'ancienne maison “ nous avons pu maintenir la présence d'un **restaurant** à cet endroit. Avec le restaurant situé dans l'immeuble **Lanius** et dont le local appartient également à la commune, l'offre gastronomique au centre de Junglinster a été agrandie.

Le “**Pakt vum Zesummeliewen**” a été signé et est désormais mis en œuvre par la commune.



SCHOULEN A KANNERBETREIUNG

Zu Gonnereng ass eng **nei Maison Relais** **5** **entstane** mat Ausbau vum Precoc fir 200 Kanner an engem neien Terrain Multisport bei der Schoul.

Zu Jonglënster si **4 nei Kllassesäll** fir de Cycle 1 an en **Terrain Multisport** an der Loupescht gebaut ginn. Donieft entsteet am Moment eng **nei Maison Relais** an der Loupescht fir bis zu 380 Kanner **6** aus de Cyclen 1 an 2. D'**Grondschoul** zu Jonglënster gëtt ab Juli 2023 ëm 10 weider Kllassesäll **7** vergréissert.

Enn 2023 fänkt de Bau vun der neier kommunaler **Naturcrèche** **8** fir 100 Kanner an der neier **Museksschoul** **9** fir 500 Schüler „Op Fréinen“ un.

Duerch deen neie **Service scolaire** hunn d'Elteren een Usprechpartner fir all Froe ronderëm Kannerbetreung an d'Schoul. Eng gratis **Hausaufgabenhëllef** gëtt ugebueden.

D'Kanner aus dem Precoc zu Jonglënster kënnen och elo an **d'Kantin** goen an ab der Rentrée 2023/2024 och eng **Maison Relais** Betreung kréien.

Eis Gemeng ass elo Member vun der **LASEP**-Famill. Sport a Beweegung sinn elementar fir eng gesond Entwécklung vun eise Kanner. De Projet huet mam Precoc an dem Cycle 1 ugefaangen a gëtt op aner Cyclen ausgebaut.



ÉCOLES ET SERVICES D'ACCUEIL



À Gonderange, une **nouvelle Maison Relais** ⑤ pour 200 enfants a été construite, avec un agrandissement du Précoce et un nouveau terrain multisport à proximité de l'école.

À Junglinster, **4 nouvelles salles de classe** pour le cycle 1 et un **terrain multisport** ont été construits à la „Loupescht“. En outre, au même endroit, une **nouvelle Maison Relais** ⑥ est en cours de construction pour accueillir jusqu'à 380 enfants des cycles 1 et 2. L'**école fondamentale** ⑦ de Junglinster sera agrandie de 10 salles de classe supplémentaires à partir de juillet 2023.

Fin 2023, les constructions de la nouvelle crèche communale en pleine nature (**„Naturcrèche“**) ⑧ pour 100 enfants et de la nouvelle **école de musique** ⑨ pour 500 élèves débiteront sur le site „Op Fréinen“.

Grâce au nouveau **service scolaire**, les parents disposent d'un point de contact unique pour toutes les questions relatives à la garde des enfants et à l'école. Une **aide aux devoirs** gratuite est proposée.

Les enfants qui fréquentent le Précoce à Junglinster peuvent désormais manger à la **cantine**. À partir de la rentrée scolaire 2023-2024, ils pourront également bénéficier d'une **prise en charge dans la Maison Relais**.

La commune est désormais membre de la **LASEP** (Ligue des Associations Sportives de l'Enseignement Fondamental). Le sport et l'activité physique sont essentiels pour le développement sain de nos enfants. Le projet a débuté avec le Précoce et le Cycle 1, et sera ensuite étendu à d'autres cycles.





MÉI WUNNRAUM FIR JIDDEREEN PLUS DE LOGEMENTS POUR TOUS

Mir huelen eis Verantwortung a suerge konkret fir **méi Wunnraum**. Zu Lënster si 37 Wunnenge fir Senioren a Leit mat ageschränkter Mobilitéit am Milvius & Lanius fäerdeg gestallt ginn.

17 bezuelbar Wunnengen an Haiser ¹⁰ an der JongMëtt Lënster sinn am Bau, sou wéi och 4 bezuelbar Eefamilljenhaiser zu **Guedber** ¹¹. Mam neie **Pacte Logement 2.0**, deen ënnerschiwwe ginn ass, wëlle mir weider op dësem Wee goen an als Gemeng méi bezuelbare Wunnraum schafen.

Nous prenons nos responsabilités et assurons de manière concrète **plus de logements**. À Junglinster, 37 appartements pour personnes âgées et personnes à mobilité réduite ont été achevés dans les immeubles Milvius et Lanius.



17 appartements et maisons abordables ¹⁰ sont en cours de construction à la JongMëtt Junglinster, ainsi que **4 maisons individuelles abordables** ¹¹ à Godbrange. Avec le nouveau «Pacte Logement 2.0», la commune poursuivra cette voie pour offrir davantage de logements abordables.

SOZIALES A CHANCËGLÄICHHEET



Nieft de bestoende **Sozialwunnengen** zu Guedber a Beidler sinn 8 zousätzlech Wunnengen am alen Haus „Parmentier“ an an der Residenz Lanius zu Lënster entstanen.

De Subsideschlüssel fir **Hëllef u sozial benodeelegt Familljen** ¹² ass iwwerschaaft an no uewen ugepasst ginn.

Fir **d'Accessibilitéit** vun de Gemengegebäuer ze verbesseren, sinn d'Diere vum Centre polyvalent a vum Centre culturel motoriséiert ginn. Fir de Centre culturel gëtt och een neie **Lift** ¹³ gebaut an d'Trape ginn nei gemaach.

Zënter Abrëll 2023 ass ons Gemeng un de Réseau vum **'Bummelbus'** ¹⁴ ugeschloss mat deem eis Awunner, fir een interessanten Tarif, op eng Plaz an der Gemeng oder an enger vun deenen 43 aneren ugeschlossene Gemengen am Land (Norden / Zentrum / Osten) gefouert kënnen ginn.

En plus des **logements sociaux** existants à Godbrange et Beidweiler, 8 unités de logement supplémentaires ont été créées dans l'ancien bâtiment „Parmentier“ et dans la résidence Lanius à Junglinster.

La clé de répartition des **aides pour les ménages en situation de difficulté sociale** ¹² a été adaptée et revue à la hausse.



MESURES SOCIALES ET ÉGALITÉ DES CHANCES

Pour améliorer l'**accessibilité** des immeubles communaux, les portes du Centre polyvalent Gaston Stein et du Centre culturel ont été motorisées. Un nouvel **ascenseur** ¹³ est également prévu pour le centre culturel et l'escalier sera rénové.

Depuis avril 2023, notre commune est connectée au réseau „**Bummelbus** ¹⁴“, ce qui permet à nos habitants de profiter d'un service de transport personnel à tarif intéressant à l'intérieur de la commune ou dans une des 43 autres communes partenaires du Luxembourg (Est, Nord et Ouest).

FIR ENG BESSER GESONDHEITSVERSUERUNG

An der JongMëtt ass ee **Cabinet médical** opgaangen an eng nei **Apdikt** ¹⁵ huet hir Dieren opgemaach. E puer aner Gesondheetsdénkschter fir Grouss a Kleng op dëser Plaz erweideren dës wichteg Offer an der Gemeng.

Ënnert dem Impuls vun de CSV-Vertrieeder am Schäfferot hu Gespréicher mat den Hôpitaux Robert Schuman ugefaange fir een neie **Centre médical** ¹⁶, deen um

Parking virum Centre polyvalent entstoe soll. Geplangt ass hei ee Service d'Imagerie médicale mat **IRM** a verschidde Spezialisten. D'**Médecine préventive** soll hei eng grouss Plaz kréien.

POUR DES MEILLEURS SERVICES DE SANTÉ

Un centre de **cabinets médicaux** a ouvert ses portes à la JongMëtt et une nouvelle **pharmacie** ¹⁵ a été ouverte au public. Par ailleurs, à cet endroit plusieurs autres services de santé pour adultes et enfants élargissent cette offre dans la commune.

A l'initiative des représentants du CSV au conseil échevinal, des discussions ont été entamées avec les Hôpitaux Robert Schuman pour la construction d'un nouveau **centre médical** ¹⁶ qui devrait se situer sur le parking devant le Centre Polyvalent Gaston Stein. Ce centre médical abriterait un service d'imagerie médicale avec **IRM** et divers spécialistes. La **médecine préventive** y jouerait également un rôle important.



NEI PLAZE FIR DE SPORT

Zu Jonglënster ass de **Complexe sportif “Op Fréinen”** ¹⁷ fäerdeg gestallt ginn. Hei bidde sech vill Sportméiglechkeete mat 1 grousser Hal “fir all Sportaarten”, 4 neien **Tennisterrainen** ¹⁸, 1 multifunktionelle Sall, 1 Kloterhal an 1 Terrain Multisport.

D’Erneierung vum **Fussballterrain mat Naturwuess** fänkt Enn 2023 un, an eventuell Drainageproblemer gi behuewen.

DE NOUVEAUX LIEUX POUR LE SPORT

À Junglinster, le **complexe sportif „Op Fréinen“** ¹⁷ a été achevé. Il offre de nombreuses possibilités sportives avec 1 grande salle „multisports“, 4 nouveaux courts de tennis ¹⁸, 1 salle multifonctionnelle, 1 hall d'escalade et 1 terrain multisports.

Le renouvellement du **terrain de football avec du gazon naturel** commencera d'ici la fin de l'année 2023, et les problèmes de drainage éventuels seront résolus.



FIR MËI VERKÉIERSSÉCHERHEET

Mat **Verkéisersinselen** ¹⁹ am Agang vun den Uertschaften a sougenannten **“trottoirs traversants”** am Ufank vun de Stroosse gëtt de Verkéier an den Uertschaften berouegt.

Donieft setze mir eis fir **Tempo 30-Zonen** ²⁰ an den Uertschaften an. Besonnesch ronderëm **d'Schoule** sinn nei Tempo 30 Zonen ageriicht ginn oder sinn an der Ausaarbechtung. An der **Buerg** an zu **Gonne-**


reng sinn d'Aarbechten esou wäit fäerdeg. Zu Jonglënster sinn d'Pläng ofgeschloss an d'Aarbechte sollen 2024 ufänken.

Zesumme mat der Administration des Ponts et Chaussées si Pläng ausgeschafft gi fir de **Réckbau vun der N11** a Jonglënster mat bidirektionale Vëlosweeër an enger **Tempo 30** Zone am Zentrum. Och d'rue de la Gare gëtt hei ëmgestalt a verkéisersberouegt.

Duerch den Asaz vum Schäfferot beim Transportminister si Pläng fir en neien, **séchère Foussgänger Iwwergang fir d’N11** zu Gonnereng gemaach ginn. Duerch no gëtt déi ganz Streck vum Agang vun der Uertschaft bis bei de Rond-point beim Lycée op **Tempo 70** ²¹ begrenzt.

Les **îlots de circulation** ¹⁹ à l’entrée des villages et les „trottoirs traversants“ au début des rues permettent d’apaiser la circulation.

Nous sommes favorables aux zones 30 km/h dans les localités. De nouvelles **zones 30** ont été créées ou sont en cours d’élaboration, notamment aux abords des **écoles**. **À Bourglinster et à Gonderange**, les travaux sont sur le point d’être terminés. À Junglinster, les travaux devraient commencer en 2024.



POUR UNE MEILLEURE SÉCURITÉ ROUTIÈRE

Des plans ont été élaborés avec l’Administration des Ponts et Chaussées, pour le **déclassement de la N11 à Junglinster**, avec une piste cyclable bidirectionnelle et une **zone 30** ²⁰ au centre-ville. La rue de la Gare sera également réaménagée afin d’apaiser le trafic.

Grâce à l’intervention du conseil municipal auprès du ministre des Transports, des plans ont été élaborés pour un nouveau **passage piéton sécurisé sur la N11** à Gonderange. En outre, la circulation sera limitée à **70 km/h** ²¹ sur l’ensemble du tronçon de l’entrée du village au rond-point près du Lycée.



FIR MÊI NOHALTEGKEET

Beim Bau vu neie Gebaier setze mir op déi héchst Standarde (DGNB) vun Nohaltegkeet. Wann et méiglech ass, gëtt den **Holz-bau** ²² benotzt: fir déi nei Maison Relais, d'Erweiterung vun der Grondschoul, den Ausbau vun der Gemeng, déi nei Musekschoul an d'Naturcrèche, d'Wunnengen an Haiser an der JongMëtt, ...

Op de Gemeengegebaier gëtt systematesch **Fotovoltaik** ²³ installéiert. Esou sinn an der Period vun 2017 bis 2023 zousätzlech 232 kWp derbäi komm fir proppere Stroum ze produzéieren.

D'Heizunge vun de Gemeengegebaier a Jonglënster sinn un **d'Fernwärmenetz** vun der Biogasanlag ugeschloss ginn. Och **innovativ Technike** fir Hëtzen a Kille ginn agesat: déi nei Naturcrèche an d'Museksschoul wäerten iwwert een "Äisspäicher" versuergt ginn.

D'Beliichtung gëtt systematesch op **LED** ëmgebaut, dëst bei der Stroossebeliichtung, de Säll vun der Gemeng, de Sportshalen oder och nach bei der Chrëschtdekoratioun. Fir de **Fussballterrain** an d'Tennisterraine gëtt d'Beliichtung an deenen nächste Méint ausgetosch, wat substanzuell Energieerspuernisser mat sech brénge wäert.

Iwwer 10 ha Land hu mir fir de **Quellschutz** kaaft oder getosch.

Och fir den Ausbau vum **Recyclingszenter** ²⁴ hu mir Terraine kaaft, fir eisen

Awunner ee bessere Service ze bidden, an déi verschidde Ressourcen nach méi effikass verwäerten ze kënnen.

D'finanziell Ënnerstëtzung duerch d'Gemeng fir d'Bierger am Beräich vun der nohalter Mobilitéit a fir nohaltege energetesch Sanéierungsmoossname vun Haiser ze ënnerstëtzen ass signifikant an d'Luucht gesat ginn (+ 30% am Budget 2023).

Ons **Vëlosweeër** ²⁵ sinn ausgebaut an eenheetlech beschëldert ginn, sou datt ee méi einfach déi eenzel Dierfer aus onser Gemeng matenee verbanne kann.





Des **technologies innovantes** de chauffage et de refroidissement seront éga

POUR PLUS DE DURABILITÉ



Lors de la construction de nouveaux bâtiments, nous respectons les normes de durabilité les plus strictes (DGNB - Deutsche Gesellschaft für Nachhaltiges Bauen). Dans la mesure du possible, les **constructions en bois** ²² sont privilégiées : pour la nouvelle Maison Relais, l'agrandissement de l'école fondamentale, l'agrandissement de la mairie, la nouvelle école de musique, la nouvelle crèche communale en pleine nature, les appartements et les maisons à la JongMëtt.

Les bâtiments communaux sont systématiquement équipés d'**installations photovoltaïques** ²³. Ainsi, au cours de la période 2017 à 2023, quelques 232 kWp ont été rajoutés pour la production d'électricité propre.

Le chauffage des bâtiments communaux et de Junglinster a été raccordé au **réseau de chaleur urbaine** de la centrale biogaz.

lement utilisées : la nouvelle crèche communale en pleine nature et l'école de musique seront alimentées par une installation dite de „stockage de glace“.

Les systèmes d'éclairage sont systématiquement remplacés par des systèmes **LED** : cela se fait pour l'éclairage public, les salles municipales, les salles de sport, ou encore pour les décorations de Noël. Les **systèmes d'éclairage du terrain de football** et du terrain de tennis seront remplacés dans les prochains mois, ce qui permettra de réaliser des économies d'énergie substantielles.

Nous avons acheté ou échangé plus de 10 hectares de terrain pour la **protection des sources d'eau**.

Nous avons également acheté un terrain pour agrandir notre **centre de recyclage** ²⁴ afin d'offrir à nos habitants un meilleur service et de pouvoir recycler et valoriser encore plus de ressources qu'auparavant.

Le **soutien financier** de la commune pour encourager la mobilité durable et inciter les citoyens à améliorer la performance énergétique de leurs bâtiments d'habitation a été considérablement augmenté (+ 30 % dans le budget 2023).

Nos **pistes cyclables** ²⁵ ont été étendues et la signalisation a été uniformisée pour permettre de relier plus facilement les différents villages de notre commune.

INFORMATION A BIERGERBEDEELEGUNG

Déi nei **Internetsäit** vun der Gemeng erlaabt et Informatiounen méi einfach ze fannen. Mat der **Junglinster App** ²⁶ kënnen d'Notzer Problemer mellen, e Sall reservéieren, méi einfach Informatiounen fannen, Wanderweeër nosichen, Am neien, méi moderne **MAG** sinn Informatiounen och op Pabeier Form ze fannen. Donieft informéiert d'Gemeng och verstärkt iwwer **Sozial Medien** (Facebook an Instagram).

Bei grouse Projete setze mir verstärkt op Informatiounsversammlungen **a Bierger-Workshops** ²⁷. Och d'Commissions consultatives ginn hei mat agebonnen: z.B. fir den Projet vun der Neigestaltung vun der Plaz op der aler Busgare oder fir den neie Schoulcampus zu Buerglënster.

Dans le cas de grands projets, nous nous concentrons davantage sur les réunions d'information et les **ateliers citoyens** ²⁷. Les commissions consultatives sont également incluses comme par exemple : pour le projet de réaménagement de la place de l'ancienne gare routière ou pour le nouveau campus scolaire à Buerglënster.



INFORMATION ET PARTICIPATION CITOYENNE

Le nouveau **site web** de la commune facilite la recherche d'informations. Grâce à l'application **Junglinster-App** ²⁶ pour iOS et Android, les utilisateurs peuvent signaler des problèmes, réserver une salle communale, trouver plus facilement des informations, rechercher des sentiers de randonnée... Dans le nouveau **MAG**, plus moderne, les informations peuvent aussi être trouvées sous format papier. De plus, la commune utilise aussi les **médias sociaux** (Facebook et Instagram) pour informer la population.



GEMENGESERVICER

LES SERVICES COMMUNAUX

Fir dem Wuesstem vun eiser Gemeng an den Erausforderungen, déi do fir eis Servicier entsti Rechnung ze droen, ass d'**Gemengenhaus** ²⁸ ëm 17 nei Büroe vergréissert ginn. Zesumme mam Ausbau vum **Regiebetrieb** mat enger neier Hal fir de Service technique hunn d'Mataarbechter esou méi Plaz a besser Aarbechtsbedingung fir hiren Asaz fir d'Awunner vun eiser Gemeng.

Fir d'Bezuele vun den **Gemengen-Taxen** ze vereinfachen, kënnen dës per domiciliation bancaire a via Payconiq bezuelt ginn. En **Agent municipal** ass agestellt gi fir de Parkraum an d'Anhale vun de Gemengereglementer ze iwwerwaachen.

Pour tenir compte de la croissance de notre commune et des défis qui en découlent pour nos services, **la mairie** ²⁸ a été agrandie de 17 nouveaux bureaux. Avec l'agrandissement du **service régie communal** et un nouveau hangar pour le service technique, les employés disposent de plus d'espace et de meilleures conditions de travail pour leurs tâches au service des habitants de notre commune.

Afin de simplifier le paiement des **taxes communales**, celles-ci peuvent désormais être payées par domiciliation bancaire et par Payconiq.

Un **agent municipal** a été engagé pour surveiller l'espace de stationnement et le respect des règlements communaux.



FIR EIS VERÄINER

POUR NOS ASSOCIATIONS ET CLUBS

En neie **vereinfachte Subsidieschlüssel** ass agefouert ginn, fir eis Veräiner besser ze ënnerstëtzen: et gëtt eng substantiell méi grouss finanziell Hëllef vun der Gemeng, besonnesch fir Veräiner déi mat Kanner a Jugendleche schaffen a fir hiren Asaz bei Manifestatioune fir d'Awunner vun der Gemeng ze honoréieren.

Fir hir Fester an Aktivitéite kënnen d'Veräiner vun der Gemeng **Bänken an Zelter** ²⁹ kréien, woubäi d'Zelter vum Service technique opgeriicht- a rëm ofgebaut ginn.

Mat deem neie **Clubee** Programm, deen de Veräiner vun der Gemeng gratis zur Verfügung gestallt gëtt, kënnen dës hir Membere an hir Websäite méi einfach verwalten.

Une nouvelle **clé de répartition simplifiée des subventions** a été mise en place pour mieux soutenir nos clubs : une aide financière **significativement plus importante** est accordée par la commune, notamment pour les clubs qui travaillent avec les enfants et les jeunes et qui mettent à profit leurs activités dans le cadre de manifestations destinées aux habitants de la commune.

Pour leurs fêtes et activités, les clubs peuvent utiliser des **bancs** et des **tentes** ²⁹ qui leurs sont mis à disposition par la commune. Les tentes sont montées et démontées par le service technique.

Grâce au nouveau programme **Clubee**, fourni gratuitement aux clubs de la commune, ceux-ci peuvent gérer plus facilement leurs membres et leurs sites web.



NEI STROOSSEN AN ANER INFRASTRUKTURAARBECHTEN

- Zu **Gonnereng** sinn d'rue de Wormeldange, d'rue d'Ernster, d'rue bei der Bréck an d'rue Hiehl mat allen Infrastrukturen nei gemaach ginn.
- Zu **Eeschler** 30 sinn all d'Stroossen an d'Infrastrukturen nei gemaach, an d'Kläranlag erneiert ginn.
- Och zu **Amber** sinn am ënneschten Deel vum Duerf (rue Remesfeld a rue Hierber, rue Neimillen) all d'Infrastrukturen (Strooss, Kanal, Waasser, Trottoiren, Luuchten) nei gemaach ginn.
- Zu **Allënster** sinn d'Waasserleitungen erneiert gi fir proppert Drénkwaasser aus dem Reservoir vu Guedber ze kréien an d'Problemer, déi et hei an der Vergaangenheet gouf, definitiv ze behiewen.
- Zu **Beidler** sollen d'Aarbechte bis d'grouss Vakanz 2023 ofgeschloss sinn. Dës Stroosse ginn nei gemaach: rue de l'École, rue Neuve, rue d'Eschweiler, rue des Prés, rue du Ruisseau. Donieft ass eng nei Pompelstatioun fir d'Ofwaasser an d'Kläranlag op Eescheler ze pompelen amgaang installéiert ze ginn.
- Zu **Buerglënster** sinn nei Waasserleitungen verluecht ginn tëschent de Reservoir aus der Buerger an Amber fir d'Waasserversuergung ze garantéieren.



NOUVELLES ROUTES ET AUTRES TRAVAUX D'INFRASTRUCTURE

- À **Gonderange**, la rue de Wormeldange, la rue d'Ernster, la rue bei der Bréck, la rue Hiehl ont été complètement refaites et toutes les infrastructures ont été renouvelées.
- À **Eschweiler** 30, toutes les rues et infrastructures ainsi que la station d'épuration ont été renouvelées.
- À **Imbringen** également, toutes les infrastructures (rues, canaux, eau, trottoirs, égouts) ont été renouvelées dans la partie basse du village (rue Remesfeld, rue Hierber et rue Neimillen).
- À **Altlinster**, les conduites d'eau ont été renouvelées afin de permettre l'approvisionnement en eau potable à partir du réservoir de Godbrange et de régler définitivement les problèmes qui existaient dans le passé.
- À **Beidweiler**, les travaux se poursuivent et devraient être finalisés jusqu'aux vacances d'été 2023. Les rues suivantes seront complètement refaites : rue de l'École, rue Neuve, rue d'Eschweiler, rue des Prés, rue du Ruisseau. En outre, une nouvelle station de pompage pour acheminer les eaux usées vers la station d'épuration d'Eschweiler est sur le point d'être mise en service.
- À **Bourglinster**, de nouvelles conduites d'eau ont été posées entre les réservoirs de Bourglinster et d'Imbringen pour assurer l'approvisionnement en eau.





WEIDER NEIERUNGEN

- de **Bëschkierfecht** 31 zu Eeschler
ass ageweit an zu Gonnereng ass de
Kierfecht reamenagéiert ginn;
- mir hunn eng **Staarkreen-Etude** maa-
che gelooss fir ons Awunner besser virun
Iwwerschwemmungen ze schützen;

AUTRES NOUVEAUTÉS

- le **cimetière forestier** 31 d'Eschweiler
a été inauguré et le cimetière de Gonde-
range a été réaménagé.
- nous avons fait réaliser une étude sur les
pluies intenses, afin de mieux proté-
ger les habitants contre les inondations.



MIR KOMME BEI IECH NOUS VENONS VOUS RENCONTRER WE COME TO MEET YOU VIEMOS AO SEU ENCONTRO

Zesummen d'Zukunft vun eiser Gemeng gestalten
Construire ensemble l'avenir de notre commune
Shaping Together the Future of our Municipality
Construir em conjunto o futuro da nossa comunidade

Méi./Lu./Mon./Seg. - 17.04.2023

- 18.00 Graulinster (rue du Village)
- 19.00 Beidweiler (bei der Kierch)
- 20.00 Blumenthal

Dën./Mar./Tue./Terç. - 18.04.2023

- 18.00 Eisenborn (route de Luxembourg)
- 19.00 Imbringen (Am Remesfeld-Neimillen)
- 20.00 Altlinster (Veräinsbau – Am Laange Brill)

Don./Jeu./Thur./Qui. - 20.04.2023

- 18.00 Bourglinster (place du village)
- 19.00 Godbrange (Bei der Kierch)

Dën./Mar./Tue./Terç. - 25.04.2023

- 18.00 Eschweiler (Al Schoul)
- 19.00 Rodenbourg (Eck rue de Wormeldange/rue Ernster)

Mët./Merc./Wed./Qua. - 26.04.2023

- 18.00 Gonderange (Festsall – bei der Schoul)

Don./Jeu./Thur./Qui. - 27.04.2023

- 18.00 Junglinster (Centre culturel)

v.l.n.r./d.g.à.d./f.l.t.r./esq. para dir:
Raphaël Schmitz, Jean Boden, Tom Weber,
Gilles Emeringer, Marie Louise Uwizeye
Ernzen, Carole Frank, Karina Abdelkader,
Mich Weber, Colette Marmann-Santana,
Gilles Schlessler, Philippe Trierweiler,
Mireille Hinkel-Tadaszak, Fabrice Mousel



JONGLËNSTER